



Groupe parlementaire

Här Claude Wiseler
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 7. November 2024

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Verkéiersminister weiderzeleeden.

Am Code de la Route gëtt den Zebrasträife follgendermoossen definéiert: "*Passage pour piétons: partie de la chaussée qui est réservée aux piétons en vue de traverser la chaussée et qui est signalée et marquée comme telle*". Op ëmmer méi Plazen am Land stellt een allerdéngs fest, datt den Zebrasträifen zwar nach signaliséiert gëtt, mee d'Markéierung kaum méi ze erkennen ass, wat Chaufferen a Foussgänger gläichermoossen duerchernee mécht, besonnesch elo an der däischerer Joreszäit.

An deem Zesammenhang géif ech der Madamm Verkéiersminister gär dës Froe stellen:

- 1) Wéi vill Zebrasträife ginn et aktuell am Land a wéi vill dovu gi wéinst hirem Zoustand als net méi siichtbar agestuuft? Bis wéini sollen se erneiert ginn?
- 2) Kéint d'Madamm Minister sech virstellen, d'Zebrasträifen zousätzlech ze beliichten, fir déi allgemeng Visibilitéit op deene Plazen ze erhéijen?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten